lalux
ASSURANCES



# Regulus Junior-Club

## Programm

## Abrëll – August 2025



natur&ëmwelt a.s.b.l.

**Regulus Junior-Club**
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
**www.naturemwelt.lu**

**Freides, den 18. Abrëll 2025**

# Ouschterrallye op dem Bauerenhaff

En Abenteuer waart op iech op eisem Bauerenhaff! Léist Rätsel, meeschtert lëschteg Aufgaben an hëlleft déi verlueren „gëlle Muert" ze fannen. Dobäi léiert dir eis Déiere kennen – eis Hénger, Kanéngercher, Iesel en, Geessen a Schof freeën sech op iech!

**Auerzäit:**
09.00-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*


**Alter:** 6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €

Donneschdes, den 24. Abräll 2025

# Bastelen mat der Natur

An der Natur fanne mir ganz vill flott Saachen, mat deene mir schéin Deko'en fir doheem bastele kennen.
Vun Zapfen iwwer Blummen a verschidde Forme vu Blieder an Holz fanne mir alles fir ganz kreativ ze ginn.



**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:** 6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €



**Sonndes, de 4. Mee 2025**

# Laf fir d'Natur

Fir all sportlech Naturfrënn. Mir lafe fir de Naturschutz! Och d'Eltere sinn häerzlech wëllkomm fir déi grouss Course (5 oder 10 km)!

**Kidslaf: 1 km**



**Treffpunkt:**
Kockelscheier,
*Haus vun der Natur*

**Départ:**
10.00 Auer

**Vun 10.00 bis 12.00 Auer sinn nach flott Naturatelier'en vum Regulus Junior-Club virgesinn!**

## Dënschdes, den 6. Mee 2025



# Flotten Tour duerch d'Stad




Op engem flotten Tour gi mir villes gewuer, entdecke kleng Geheimnisser a léieren och eppes iwwert Geschicht vun eiser Stad.


**Auerzäit:**
14.30-16.30 Auer

**Treffpunkt:**
Stad Lëtzebuerg
*Knuedler virun der Gemeng*











**Alter:**
9 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €





**Donneschdes, den 8. Mee 2025**




# Insektenhotel





D'Insektewelt ass faszinant an immens faarweg. Et ginn awer ëmmer manner Insekten an eise Gäert, well si einfach net genuch gëeegent Plaze fanne fir hir Eeër ze leen. Mat dem Bau vun engem Insektenhotel maache mir eppes fir d'Déieren an awer och fir eis, well ee bei esou engem Hotel flott Beobachtunge maache kann.



**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
*Haus vun der Natur*




**Alter:** 6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 10 €

Donneschdes, den 15. Mee 2025

# Bambësch ënner Waasser

Viru Millioune vu Jore war ganz Lëtzebuerg an Europa vu Waasser bedeckt. No engem klenge Réckbléck an d'Geschicht vun eiser Äerd a wéi déi verschidde Gestengsschichten entstane sinn, maache mir eis op e flotten Tour am Bambësch a ginn op d'Sich no Fossilien. Dës verstengert Déiere loossen sech hei fannen, et muss ee just ganz gutt kucken!



**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
*Bambësch,*
*Jogging Parcours*
*Vis-à-vis vun der Spora*



**Alter:** 6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €


Dënschdes, den 20. Mee 2025

# Wat krabbelt dann do?

Ob am Kompost, Bliederkoup, doudege Bamstamm oder Bëschbuedem, et wibbelt, kräicht a fläicht a waart nëmmen drop, dass mir matt eise Pinselen a Becherlupe komme fir dat kléngt Gedéiesch opzesammelen an ze beobachten.

**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer


**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*




**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €





## Samschdes, den 24. Mee 2025



# Vullekëschtekontroll

Zesumme mat engem Ornitholog gi mir duerch de Kockelscheierbësch a kontrolléieren d'Naschtkëschten. Dobäi kucke mir ob si besat sinn a wéi eng Villercher dra sinn. Är ganz Famill ass wëllkomm fir bei dëser intressanter Aktivitéit deel ze huelen.





**Auerzäit:**
09.00-11.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*P&R Kockelscheier*
*(bei der Spillplaz)*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €



## Dënschdes, den 3. Juni 2025

# Bock-Kasematten

Am Joer 963 huet de Grof Sigfried op dem Bock-Fiels eng Buerg gebaut. 800 Joer méi spéit sinn am Fiels d'Kasematten ugeluecht ginn wou d'Kanounen de Fiels an d'Stad verteidege konnten.
Op engem flotten Tour gi mir duerch dës Kasematten, entdecke weider Befestegungsanlagen a kréien d'Geschicht vun der Melusina gezielt.

**Auerzäit:**
14.30-16.30 Auer

**Treffpunkt:**
*Um Knuedler virun der Gemeng,*
*Stad Lëtzebuerg*



**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €

## Donneschdes, den 5. Juni 2025

# Konscht an der Natur

An der Natur fënnt ee vill Material mat deem ee fantastesch Konschtwierker maache kann. Op der Kockelscheier hu mir vill Blieder, Äscht, Bamfriichten, Bléieblieder awer och Steng an anert Naturmaterial a mir kenne richteg kreativ ginn an eis Naturkënschtler nennen.

**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*




**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €




**Samschdes, de 14. a Sonndes, den 15. Juni 2025**



# Fest vun der Natur

Wéi all Joer bitt d'Fest vun der Natur vill Interessantes iwwert eis Natur an Ëmwelt. Et lafe vill flott Aktivitéiten déi 2 Deeg beim Haus vun der Natur! Komm mat denger ganzer Famill laanscht a looss dech iwwerraschen!!!!!!



**Auerzaiten:**
Samschdes, 14.00 – 18.00 Auer
Sonndes, 10.00 – 18.00 Auer

**Wou?**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*









## Donneschdes, den 26. Juni 2025




# Bëscholympiade

Wëssen, Schnellegkeet, Geschécklechkeet an Teamgeescht si bei enger Bëscholympiade gefrot. Ob beim Bauen, Wäitschéissen, Erkennen, Sammelen, asw……, hei kanns du deen Nomëtteg alles ginn! Et waarde flott „Aufgaben" op dech!!!

**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*






**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €

## Dënschdes, den 1. Juli 2025

# De Gaarderoutschwanz ...

..... e fréie Sänger. Mir probéieren de Vull vum Joer 2025 besser kennenzeléieren andeem mir hien a sengem Lieblingsliewensraum, dem Bongert beobachten a mat flotte Spiller seng Liewensweis entdecken.



**Auerzait:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Betebuerg
*Bongert Altenhoven*



**Alter:**
8 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €


## Mëttwochs, den 23. Juli 2025

# Nuetsaktiv




Waars du schonn eng Kéier nuets am Bësch ënnerwee? Wat geschitt am däischtere Bësch? Si villäicht nuetsaktiv Déieren ënnerwee, déi Geräischer maachen? Looss dech iwwerraschen, maach mat an erlief de Nuets-Bësch mat all denge Sënner!

**Auerzait:**
21.00 - 23.00 Auer





**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*




**Alter:**
8 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €

## Dënschdes, den 12. August 2025

# Feierkichen

Dësen Dag si mir Feierkäch a bereeden eist Mëttegiesse vir, fir et duerno um Feier ze kachen. Dono maache mir eis och gutt Dessert'en um Feier. An der gemittlecher Ronn loosse mir ons et gutt schmaachen!





**Auerzait:**
10.30-14.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
12 €



Numm: ______________________________________________

Numm (Mamm) ______________________________________________

Numm (Papp) ______________________________________________

Adress: ______________________________________________

Uertschaft: ______________________________________________

Gebuertsdatum: _______________

GSM (Mamm): __________________ GSM (Papp): __________________

Mails: ______________________________________________

______________________________________________

mellt sech u fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen un de Regulus Junior-Club)

O Ouschterrallye op dem Bauerenhaff
18.04.2025

O Bastelen mat der Natur
24.04.2025

O Flotten Tour duerch d'Stad
06.05.2025

O Insektenhotel
08.05.2025

O Bambësch ënner Waasser
15.05.2025

O Wat krabbelt dann do?
20.05.2025

O Vullekëschtekontroll
24.05.2025

O Bock-Kasematten
03.06.2025

O Konscht an der Natur
05.06.2025

O Bësch-Olympiade
26.06.2025

O De Gaarderoutschwanz
01.07.2025

O Nuetsaktiv
23.07.2025

O Feierkichen
12.08.2025

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu